N°1432
Entrée le 18.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°1432 du 25 octobre 2024 de l'honorable Député Sven CLEMENT concernant « Plainte de harcèlement au lieu de travail auprès de l'ITM »

Fro N°1 : "***Un rapport est remis à l'employeur dans les 45 jours au plus tard de la réception du dossier***." **Fänkt den Ufank vun de 45 Deeg mat der Arrivée vun der Plainte un oder der Entscheedung vun der ITM fir z'ënnersichen?**

Den Délai vun de 45 Deeg fänkt mat der Arrivée vun der Plainte un.

Fro N°2 : Wéi vill Fäll/Reklamatioune sinn zënter dem 9. Abrëll 2023 bei der ITM opgemaach ginn?

Zënter dem 9. Abrëll 2023 huet d'ITM 185 Plainte iwwer moralesch Belästegung kritt.

Fro N°3 : Wéi vill vun dëse Fäll hunn zu enger Enquête gefouert?

Vun den 185 Plainte hunn der 148 zu enger Enquête gefouert.

Fro N°4 : Wéi vill vun dëse Fäll/Reklamatiounen hunn net zu enger Enquête a engem Bericht vun der ITM gefouert? Wat waren d'Konsequenzen?

37 Plainte hunn net zu enger Enquête gefouert well d'Fakten net als moralesch Belästegung ze considéréieren waren oder well déi angeblech Affer net méi op eis Ufroe reagéiert hunn oder well et sech em vague anonym Reklamatiounen gehandelt huet, ouni irgendwelch detailléiert Informatiounen punkto Affer, Täter oder Fakten.

D'ITM huet dës Plainte ouni Suiten zougemaach. an huet déi betraffe Patronen opgefuerdert eng Kopie vun hirer interner Prozedur iwwer moralesch Belästegung ze schécken.

Fro N°5 : Vun de gemellte Fäll vun Harcèlement, wéi vill goufe à l'amiable geléist, wéi vill duerch eng formell Interventiounen, a wéi vill ginn nach veraarbecht?

D'Resultat vun den **148 Enquête** as wéi follegt:

74 Enquête goufen clôturéiert ouni datt d'ITM konnt zur Conclusioun kommen, datt et Fäll vu moralescher Belästegung sin, aus verschiddene Grënn:

- entweder waren d'Fakten net genuch detailléiert an circonstanciéiert

- oder hunn net déi néideg Charakteristiken opgewisen déi néideg waren fir se als moralesch Belästegung ze qualifizéieren,
- oder et waren widderspriechlech Versiounen tëscht déi d'ITM net konnt entscheeden. An deem Fall gouf dem Plaignant ugeroden, dat zoustännegt Geriicht ze saiséieren, wann hien trotzdem seng Plainte a seng Fuerderungen wollt geltend machen.

An **10 Fäll** hunn déi detailléiert Fakten an déi duerchgefouert Enquête der ITM erlaabt ze schlussfolgeren datt et Fäll vu moralescher Belästegung sin.

Den Détail vun déenen 10 Fäll as wéi follegt :

- 6 vun dëse Fäll huet de Patron déi néideg intern Mesuren geholl fir déi moralesch Belästegung ze stoppen.
- 2 Fäll hunn zu enger Transaction à l'amiable gefouert.
- An engem Fall huet d'Affer mat Effet immédiat demissionéiert pour faute grave vum Patron an d'Saach virun dat zoustännegt Geriicht bruecht.
- An engem anere Fall huet d'ITM den Patron opgefuerdert, déi néideg Moossnamen ze huelen, fir déi moralesch Belästegung direkt ze stoppen an huet den Dossier och dem Parquet weidergeleet wéinst der Gravitéit vun de Fakten.

Fir **64 Plainte** leeft d'Enquête weider.

<u>Fro N°6 :</u> Wat sinn déi typesch Empfeelunge vun der ITM un d'Patronen a Fäll vu moralesche Belästegung?

D'ITM fuerdert den Employeur op, mëttels enger Injonctioun, déi néideg Moossnamen ze huelen fir Akte vu moralescher Belästegung direkt op en Enn ze bréngen an d'Feelverhalen vum betraffenen Salarié ze sanktionéieren.

<u>Fro N°7 :</u> Ginn et Statistiken iwwer de Profil vun den Affer an Täter vu moralesche Belästegung (zum Beispill no Geschlecht, Alter, Aktivitéitssecteur)?

Wat d'Verdeelung no Geschlecht vun de Affer ugeet, ass et wéi follegt:

Geschlecht	Fäll
Fraen	96
Männer	74
Onbekannt (anonym Plainte)	15

D'Verdeelung vun de Reklamanten no Altersgrupp ass wéi follegt:

Alter	Fäll
20-29	19
30-39	43
40-49	54
50-59	44
60-69	7
Onbekannt	18

D'Ënnerdeelung no Aktivitéitssektor ass wéi follegt:

Aktivitéitssektor	Fäll
Industrie	14
Constructioun	11
Commerce	23
Transport	12
Horeca	11
Communicatioun	6
Finanzen	19
Immobilien	8
Wëssenschaftlech Aktivitéiten	22

Servicer	22
Administratioun	3
Santé	25
Assoziativ Organisatiounen	5
Privat Ménagen	1
Extraterritorial Aktivitéiten	2
Anonym	1

De Status vum angeblechen Täter vun der Belästegung, nämlech ob et zum Beispill en Aarbechtskolleg, en hierarchesche Chef oder e Client ass:

Status	**Fäll**
Hierarchesche Chef	148
Aarbechtskolleg	22
Hierarchesche Chef an Aarbechtskolleg	11
Anerer	4

<u>Fro N°8 :</u> A wéi ville Fäll war d'Personaldelegatioun an de Prozess vun der Behandlung vu Reklamatiounen iwwer moralesch Belästegung involvéiert?

Och wann eng Plainte wéinst moralescher Belästegung vun enger Personaldelegatioun ka gemaach ginn, wéi dat bei 5 Meldungen de Fall war, gëtt d'ITM awer net onbedéngt doriwer informéiert, wann de Plaignant d'Hëllef vun der Personaldelegatioun gefrot huet, fir hien bei sénger Situatioun vu moralescher Belästegung z'ënnerstëtzen.

Tatsächlech ass et esou datt wann dat angeblecht Affer d'ITM kontaktéiert huet, d'Fortsetzung vun der Enquête normalerweis am enken an exklusiven Kontakt mam Affer oder séngem Affekot duerchgefouert get.

<u>Fro N°9 :</u> Wéi vill Mataarbechter hunn d'Méiglechkeet genotzt, hiren Aarbechtskontrakt ouni Préavis opzeléisen, wéinst grave Mëssverhalen vum Patron no Fäll vu moralesche Belästegung?

D'ITM gouf vun engem Fall duerch den Affekot vum Affer iwwert eng Demissioun mat Effet immédiat wéinst grave Mëssverhale vum Patron informéiert.

Luxembourg, le 18 novembre 2024

(s.) Georges MISCHO
Ministre du Travail